

Aktiounen ronderem eis Sprooch

Niewent dem zukünftegen Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ginn et nach weider, Projeten a Initiativen ronderem d'Lëtzebuerger Sprooch. Mir stellen Iech an dësem Artikel 4 vun hinnen fir, geheien e Bléck op hier Aarbechten a froen no wéi si zum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch stinn.

Wann e vun der Lëtzebuerger Sprooch schwätzt denkt een och schnell un Iech. Wéi gesitt Dir Är Missioun géintiwwer der Sprooch?

Wat fir Services proposéiert Dir de Leit fir Lëtzebuergesch ze léieren, respektiv hiert Lëtzebuergesch ze verbesseren?

LuxDico.lu



Spellchecker.lu



Actioun Lëtzebuergesch



Moien a.s.b.l.



Wéi stitt Dir zum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch a wat erhofft Dir Iech dervun?

Wou gesitt Dir d'Lëtzebuerger Sprooch a 5 Joer?





Jérôme Lulling (LuxDico.lu):

*Wann e vun der
Lëtzebuenger Sprooch
schwätzt denkt een och
schnell un Iech.
Wéi gesitt Dir Är
Missioun géintiwuer
der Sprooch?*

No mengem jorelaange Linguistiksstudium deelen ech mäi Wësse gär mat anere Leit. Egal ob a Coursen, Bicher oder mat deenen neie Méiglechkeeten, déi den Internet ubitt. Grad an der Computerlinguistik hat d'Lëtzebuergesch an den 90er en enorme Retard. An der Tëschenzäit huet sech sécher vill gedinn, mä mir hunn z.B. ëmmer nach kee Grammarchecker, kee Programm fir d'Stëmmerkennung an och kee fir d'Stëmmesyntees. Eleng kann ech sou Projeten net ugoen. Mä meng Kandidature goufe refuséiert, meng Projete sabotéiert ... tjo, da ginn alt méi kleng Bréidercher

D'Entwécklung vum éischten online Spellchecker war 2001 schonn eng kleng Sensatioun. Leider gouf de Projet 2002 vum Educatiouns- a Kulturministère agestallt.

Dono koum de Luxdico, 34 Video-Lektiounen op Youtube, déi bis dato 925.000 mol gekuckt goufen, online Kräizwuerträtselen, Audio Wiederbicher (iTunes, Google Play Store, Amazon Mp3, Spotify) ... plus all meng Bicher, déi an e puer Sproochen iwwersat goufen. An natierlech meng Coursë bei der Gemeng Lëtzebuerg, déi mech 2006 fest agestallt huet (Niveau A1, A2, B1 a B2).

Méi Informatiounen iwwer all meng Aktivitéite fënnt een op www.bonjour.lu

*Wat fir Servicer
proposéiert Dir de
Leit fir Lëtzebuergesch
ze léieren, respektiv
hiert Lëtzebuergesch ze
verbesseren?*



Jérôme Lulling (LuxDico.lu):

Hei zu Lëtzebuerg huet een heiansdo besser, et seet een net wat een denkt. Ech wënschen de Bedeelegten all Guddes.

*Wéi stitt Dir
zum Zenter fir
d'Lëtzebuenger Sprooch
a wat erhofft Dir Iech
dervun?*

*Wou gesitt Dir
d'Lëtzebuenger Sprooch
a 5 Joer?*

D'Schoul huet net méi de Monopol op d'Vermëttelung vu Wëssen. Dat ass eng Risechance fir eis Sprooch, well 't kann ee jo lo net grad behaupten, datt an eise Schoule jeemools vill fir eis Sprooch gemaach gouf. Ganz am Géigendeel, si gëtt do ëmmer nach behandelt wéi dat fënneft Rad vum Won.

Egal! Lo hu mer de lëtzebuergesche Wikipedia, mir hu Video-Lectiounen op Youtube, Coursë via Webcam, mir hunn online Dictionnaren, online Noriichtesäiten, ... et brauch een d'Schoul also net méi fir sech iwwer d'Lëtzebuergesch ze informéieren oder et ze léieren.

Dat alles ersetzt natierlech net den direkte Kontakt an Austausch an engem Cours. Sécher net! Mä op mannst gëtt et lo mol eng Alternativ zu deem wat an eise Schoulen an an de Schoule ronderëm eist Land ugebuede gëtt. Ech denken hei och un eis vill Grenzgänger. Et ass kee Verbrieche fir d'Sprooch vu sengem Nopeschland ze léieren.

Mä et ass un eis hinnen déi néideg Instrumenter dofir zur Verfügung ze stellen.

Bicher op Lëtzebuergesch kréien et wuel ëmmer méi schwéier. 't ass einfach méi praktesch a bëlleg mat engem Smartphone oder engem Tablet ze schaffen, wéi doheem tonne Bicher an Zeitungen ze stockéieren.

A wat geschitt mat deenen déi Lëtzebuergesch Coursë ginn? Vile Lëtzebuergesch Enseignantë geet et finanziell net gutt. Si hu kee gereegelt Akommes, hoffen all Joer hire Kontrakt nees verlängert ze kréien an halen dacks méi wéi 30 Stonne Cours pro Woch fir sou jüst iwwer d'Ronnen ze kommen. Dat ass einfach net fair vis-à-vis vun deenen anere Sproocheproffen hei am Land. Dofir ënnerstëtzen ech den „Aarbechtsgrupp vun Enseignantë fir d'Lëtzebuergesch“ (www.avel.lu).

